

WANDROUS

N°369 Fréileng / Bléimount / Broochmount 2018
Abrëll / Mee / Juni



Grand-Crue TECHUANA'18

Kënnt 5 mol pro Joér raus

Abonnement 25,00 Euro

CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Chefredakter: MOYANO Guy (Crotale)

> resp. CheffenEkipp LBB

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB

E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu

<http://www.lionsbleus.lu>



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!







Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25



D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

FNEL Sixplo

fir d'Wöllefcher (LX)

Fluch der Karibik, Jurassic Park, Transformers, Verwünscht, Die schöne und das Biest...Daa sinn alles Filmer déi's du kenns ?!?

Explosiounen, Special Effekter, Zauberei...
Sinn alles Saachen déi's du gären hues ?!?

Dann komm mat an HOLLYWOOD !!!

Nee, du brauchs dofir nüt an Amerika ze fléien, dofir hun ma jo den Sixplo ;)
Dëst Joer wärt séch bei den Aigles am Rolléngergronn alles ém Filmer dréinen.

Also mell déch séier heifir un !!!



Weini: 21.-22.04.2018 fir d'Sixer

& 22.04.2018 fir all Wöllefcher

Rendez-Vous: 21.04_Samstes fir d'Sixer um 14.00 Auer beim Fräiheetsbaam zu Stroosse

22.04_Sonndes fir all déi aaner um 9.15Auer der Gare Centrale de Luxembourg

Retour: 22.04_Sonndes fir Jiddereen um 16.30Auer op der Gare Centrale de Luxembourg

Präiss: **18€** fir SIXER & **5€** fir all Wöllefchen, sinn ze iwwerweisen bis den 1.03.2018 !!!
op den Compte 'Les Lions Bleus-Meute' mat der Mentioun: SIXPLO'18+Numm vum
Participant (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 10000)

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 24.02.2018 !!!

Waat brauchs du:

SIXER: Chique Verkleedung fir den Gala(wässt Hiem/Polo, donkel Box), Gamelle(Gamelle, Besteck/
Becher, Kichenduch...) fir Samstes, Lunchbox fir Sondes an alles waat den Wöllefchen sou brauch fir e
Weekend (Carrymatt, Schloofsaack, Schloof- & Wäschsaachen).

WÖLLEFCHEN:

Pic-Nic fir mëttes, Uniform, dem Wöllefchen seng 7 Saachen an dem Wieder ungepassten Kleeder...

Heimat erlaaben ech
mëngem Sixer vum 21.-22.04.2018
mëngem Wöllefchen den 22.04.2018
um Sixplo vun der FNEL deel zehuelen !

Ënnerschrëft:

LBB Schaff-Weekend

fir jiddereen



UN ALL EXPLORER, ROVER, CHEFFEN, COMITE, AMICALEN, CP'en & FRËNN



D'Fénsteren si knaschteg, d'Hott fetteg, Mauren beschmiert, iwwerall Spawecken, Luuchten déi nüt méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sinn an ...



Domadder soll elo Schluss sinn. Dofir gesinn mer ons um Schaff-Weekend vum 21.-22.Abrëll 2018 am Home vun den Lions Bleus. Den ganzen WE kascht nix/nada=0 €, awer e Kuch oder Taart > daat soll awer nüt däin Schued sinn. Natiirlech gët nüt nëmme geschafft. NeeNee !!! Mir wärten all déi Lèit belounen déi esou tatkräfteg gehollef hun de ganzen Weekend! Waat gët gemaach? Daat ass eng Iwwerraschung. Mee dir soll gesoot ginn, dass Näisch vun Näisch kënnt :):) Allerdéngs ass émmer eng Aarbëscht dobai déi dir perséinlech am beschten gefällt an déi's du och gudd kanns! Besser kanns du nüt ewech kommen! An waat mer zu mèi sinn, waat besser! **Also mell dëch séier mat der Souche un oder schreiw e Mail op cg@lionsbleus.lu !!!**



WICHTEG INFOS:

Rendez-Vous:

Den 21.Abrëll 18 um8 Auer MAT Kaffi
.....9 Auer OUNI Kaffi

Schluss:

Den 22.Abrëll 18 um 16 Auer.

Wou?

Natiirlech am Home.

Waat brauchs du?

Schaffhännchen, nüt déi neisten Kleeder & natiirlech gudd Laun an vill Motivatioun...

dëng SOUCHE:

Dës kanns du oofgin beim Atra oder engem Comitésmember oder du schécks eng Mail op cg@lionsbleus.lu



Heimat mellen ech _____ möch un fir de Schaff-Weekend am Home fir den 21.-22.Abrëll 2018 an kommen

- um 8 mat Kaffi
- um 9 ouni Kaffi
(WEG ukraizen)

Énnerschrëft: _____



LBB Rover-Weekend fir d'Rover (RO)



Jo, du gesäis richteg, eisen Rover-WE deen
mir am Fréijoer fixiert haaten kënnst émmer mèi
no....

>>> 28. + 29. Abrëll 2018 zu ? ? ?

Départ

9:20 Auer zu Dommeldëng/Eech op der Gare

Retour

géint 16:00-17:00 Auer

Unmellen kanns de déch op: olamesch@pt.lu oder per Telefon um 691 250 231

Material ass daat üblecht, waat's du fir en Rover-WE eben esou brauchs...

Du brauchs och en Pic-Nic fir Samschdes Mëttes an Gegrills fir Sonndes Mëttes.

FNEL Raid fir d'Explorer (EX)

Explorer Raid 2018 Den Raid geet Freides den 4.Mee 2018 ab 18h30 lass

genée Auerzäiten krëien mer matgedeelt soubaal mer ungemellt sinn Rendez-Vous ass op der Dommeldënger-Gare Schluss ass Samstes Moies esou géint 10h30...



Wéini? FR_0405.18 - SA_05.05.2018

Wou? Infos zum Départ an Retour kritt der no der Umeldung.

Waat brauchs du? Déi üblech Saachen, Gamelle/Schloofsaack/Carrymatt an d'Kaart R7 mat aerer Orientatiounstrousse...

Präiss? 15€/Persoun, sinn anzesammelen vum RUE an um Départ oofzeginn!

Ech erlaaben heimat méngem Explorer
um EX Raid 2018 vum 4-5/05/2018 vun der FNEL deelzehuelen.

Ënnerschrëft Régime alimentaire:

Sortie „Päiperlèck“ fir d’Wöllefcher (LX)

Bagheera: So Baloo, wees du dat ét ee Päiperléksgaart zu Gréiwemaacher gët ?



Baloo: Wierklech! Nee daat wousst ech nüt...



Bagheera: Ma dach! An dee soll mega flott sinn!

Baloo: Ma da ginn mir mat all eisen Wöllef aus der Meute dohinner ons deen ukucken...

Wann’s du mat der Meute all déi schéin Päiperléke kucke goën wëlls, dann mëll dëch séier bei déngen Cheffen un !!!



Rendez-Vous: Samstes, den 05.05.18 um 14:00 beim Gaart

Retour: Samstes, den 05.05.18 um 17:00 beim Gaart

(Jeweils émmer > Route de Trève L-6793 Grevenmacher)

Präiss: **5 Euro** sinn op den **Rdv matzebréngent !!!**

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 14.04.2018 !!!

Waat brauchs du: Uniform, dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon...



Heimat erlaaben ech

méngem Wöllefchen

den 05.05.2018 mat op Sortie Päiperléksgaart ze goën.

Ënnerschrëft





WICHTEG INFO:

VERGIESS DÄI PICKNICK FIR MËTTES NET!
& **BIDON** gefëllt mat Waasser ...

SAMSCHDE
12. MEE 2018
11H - 16H

UM MISÄRSHAFF

Heimat erlaaben ech mèngem Beaver
den 12.05.2018 um BV-Funday vun der FNEL deelzehuelen an ginn/maan Souche/Iwwerweisung (BCEE
Lu91 0019 4955 9097 0000 - Les Lions Bleus Beaver) bis den 25.Abrëll 2018.

DATUM&ENNERSCHRËFT:

PĒNGSCHTCAMP

fir LX/SG/EX/RO



an dem Monsieur Lavache séng Schoul fir Zirkusartistik, Clownenopptrétt an Akrobatik!
Du hues elo d'Méiglechkeet fir an 4 Deeg eng Ausbildung zum färdechen Zirkusartist ze
maachen! Trapez, Clownen, Feierspaizer, Schwertschlucker, an nach villes méi! Alles
ass dobai! Wéi? Du wees nüt waat déch erwart? Ma keen Problem! Mir weisen dir ét mat
vill Spaass, Freed an Lëschtegkeit! Wann der dem Monsieur Lavache gefaalt, kënnt der
souguer mat op séng Zirkusrees ronderëm d'Welt goën!

Du brauchs déch némmen mat dëser Souche bei déngen Cheffen unzemellen!



Ufank:

Fir SG/EX/RO_Samsdes, den 19. Mee 2018 um 9 Auer um
klenge Glacis an der Staat mat denger Clownennuess &
TipTop Uniform.

Fir LX_Samsdes, den 19. Mee 2018 um 14 Auer um klenge
Glacis an der Staat mat denger Clownennuess & TipTop
Uniform.

Schluss:

Fir Jiddereen_Dënschdes, den 22. Mee 2018 um 15h30
beim Home LBB.

Material: Schloofsaack, Carrymatt, Pijama, Täscheluucht,
Gamelle mat Kichenduch, Sonnecreme, Kaap, K-Way, Bidon, Klenge
Rucksack, Schwammsaachen, Wäschsaachen, Ersatzkleeder, dem
Wieder ugepasste Kleeder, fest Schung, Turnschung, Waissen T-Shirt
(fir ze bemoolen), dem Wöllefchen séng 5 Saachen, Kompass,
Réimer, Täschemesser (fir d'Scouten & Explorer), ...

Praiss: 45 EUR sinn ze iwwerweisen op de Compte LU83 0019 4955 9103 3000 bis den 15.
Mee 2018 mat der Mentioun "Zirkus + NummVumKand"

Souche: Ass oofzeginn bei déngen Cheffen bis den 12. Mee 2018.



Ech erlaaben méngem LX / SG / EX / RO
matzegoën op de Päischtcamp 2018 (19-22 Mee 2018) vun den Lions Bleus an
iwwerweisen d'Suen am Délai.

Ënnerschrëft:

SORTIE ,Winnie Pooh' fir d'Beaver(BV)



Moien léif Beaver!
Ech sinn ét, den Winnie-Pooh!

Ech wor mat all méngen Kollegen vum Hundertmorgenwald bis bei äert flott Home getréppelt, als ech eng Kéier ze dèif an mäin Hunnegglas gekuckt hun an den Christopher Robin op emol fort wor!!!

Mir brauchen elo är Hëllef !!!

Ouni Ierch fannen mir hien bestëmmt nüt erëm dowëist mellt Ierch fréi genuch un fir eis kënnen ze hëllefén!!!

Wèini: Samstes den 2. Juni 2018 beim Home LBB
um 10 Auer & Schluss ass um 17 Auer nees beim
Home.

Material: 15 € sinn matzehuelen op den Rendezvous, een
vollen Bidon, een klengen Rucksak, Sonnecrème
an Sonnebrëll, Kapp, Foulard an natierlech
Motivatioun !!!



**Ech zielen op
Ierch!**

Heimat erlaaben ech ménge
Beaver un der Sortie ,WINNIE the POOH'
den 2.Juni 2018 vun den Lions Bleus deel ze huelen.

Ënnerschrëft:



WEEKEND „Hollywood“ fir d' Trupp(SG)



**Hello Hello,
Welcome in HOLLYWOOD,**


Ech sinn ét:

Abigail Parker an ech sinn émgaangen mäin neien Film ze dréinen "How to life in Hollywood" an ech brauch nach e puer motivéiert Schauspiller déi mir dobäi hellefen.

Ech lueden iech heimat Alleguerten häerzlech an an méng wonnerschéin Villa, wou nach vill aaner Prominenter op iech waarden. So mir schnellstens

Bescheed op du dobäi bass an mir soumat hellefen wëlls. Weider Informatiounen zu méngem Film kriss du natirlech um Weekend.

Ech brauch är Hellef fir den Film färdeg ze kréien.



Rendez-vous:

SA_9.june'18_10:00 op der Gare Centrale Lëtzebuerg

Retour:


SO_10.june'18_16:00 op der Gare Centrale Lëtzebuerg

Präiss & Souche:

30€ (Les Lions Bleus - Troupe > BCEE LU65 0019 4955
9100 5000) oofzeginn an ze iwwerweisen bis spéitstens
den 19.05.18

Waat brauchs du:

dem Wieder ungepassten Kleeder, Bierschong, Bidon,
Gamelle&Co, Schloofsaack, Carrymatt, Pyjama,
Wäschsaachen, evt. Schwammsaachen (wann d'Wieder
gudd ass :)...



Heimat erlaaben echmèngem
Scoutmat op den
HOLLYWOOD-Weekend den 9-10.Juni 2018 vun den Lions Bleus
matzegoën.

Datum&Ënnerschrëft:



SORTIE

fir d'Wöllefcher(LX)

Huest du Loscht e flotten Daag an der Natur ze verbrèngen ?

EMOL ganz AANESCHTERS, huhuuuuuuu

Wèi geet daat dann ???

Ma ganz einfach --- komm mat eis op the SORTIE !!!

Mir besichen d`Fest vun der Natur, wou ét iwwer 60 verschidden Stänn ginn dèi mir eis ukucken wärten.

Dir krit do Saachen iwwert eis Emwelt gezielt
& kënnt och selwer matmaachen :)

Wéini:

16.06.2018

Rendez-Vous:

Samstes, den 16.06.18 um 10:00 op der Kockelscheuer

Retour:

Samstes, den 16.06.18 um 14:00 op der Kockelscheuer

Präiss:

GRATIS

Souche:

ass oofzeginn bis spéitstens den 2.06.2018 !!!

Waat brauchs du: Déck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder, däin Foulard, 5 Saachen vum Wöllefchen, Waasser(1l) fir ze drénken, Pic-nic ...



Heimat erlaaben ech



méngem Kand.....
den 16.06.2018 op d`Sortie matzegoën.

Ënnerschrëft



Faakelzuch

fir den ganzen Groupe



FAAKEL-ZUCH 2018

Wéi all Joér's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Freides, den 22.Juni

20:00 Auer

bei der Metzlerei Kaiffer op 77,Grand Rue
L-1661 Lëtzebuerg



Waat brauch de Beaver, de Wöllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover,
d'Amicale an natürlech nüt ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:
donkelblo Box,
Uniformshiem, Foulard
an evtl eng LBB-Kaap

OPGEPASST: Daat ganzt huët och en Enn !
An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlerei Kaiffer um 22:30 Auer

D'Souche ass bis spéitstens den 9/06/2018 bei dèngem Chef oofzeginn !!!

Wéi all Joér's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!



Jo ech.....

ginn dëst Joér 2018 mat op de Faakelzuch.
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



ElterenEnnerschrëft

LBB Grillstand

fir Jiddereen

22 JUNI 2018

**VIROWEND VUN
NATIONALEEIERTAAG**

GROUSSSEN LIONS BLEUS GRILLSTAND

**GRILLINGER BATTIN FAASS
FIFA WM PUBLICVIEWING METTWURSCHT
HOLZKUELEGRIFF PARTYSBEATS DJ FISH**

**AB 18H00
BOUCHERIE KAIFFER
AN DER GROUSSGAASS**

77 GRAND RUE L-1661 LUXEMBOURG



FNEL Pow-Wow jiddereenBV/LX/SG/EX/RO...

20 18

POW-WOW

DEN **8. JULI 2018** MËCHT DEN **ZIRKUS ,PAU WAU'** SÉNG DIEREN
ZU STROOSSEN **BEI DEN KIEWERLÈKEN** FIR IECH OP. GEBUEDEN
GËT E FLOTTEN DAAG MAT **SPILL & SPAAS** FIR **KLENG & GROUSS**
DEEN MIR **ALL ZESUMMEN** ERLIEWEN WÄRTEN.

DO FIR **MELL DËCH SÈIER** UN AN DÈNGEM **GRUPP** FIR DAT SIE
D'GRUPPENTICKETS FIR D'**ENTRÉE RESERVÉIEREN KËNNEN...**

WÈINI? SONNDES **8.07.18** RENDEZ-VOUS +/- 9:30 ZU STROOSSEN
SONNDES 8.07.18 RENDEZ-VOUS +/- 16:15 ZU STROOSSEN

MIR TREFFEN EIS AN DER ËMGËIGEND VUM HOME AN TRËPPELEN DANN DÉI LETZTEN METER
ZESUMMEN OP PLAATZ > DÉTAILER AN DER N.WANDROUS!

PRAISS? **10€** SINN ZE IWWERWEISEN BIS DEN **19/05/18** OP DEN COMPTÉ:
LES LIONS BLEUS -ROVER (BCEE LU83 0019 4955 9103 3000) MAT DER
MENTIOUN >>> PW'18 + NUMM VUM PARTICIPANT.

SOUCHE? ASS OOFZEGINN BIS DEN **19.05.2018 !!!**

WEIDER DÉTAILER IWWER DEN RENDEZ-VOUS AN MATERIAL ...
> FANN/KRITT DER AN DER NÄCHSTER WANDROUS !!!



HEIMAT MELLEN ECH MÄIN

KAND

UN OP DEN Pow-Wow DEEN DEN 8.JULI 2018 STATTFËNNNT ZU
STROOSSEN AN IWWERWEISEN MAT ZÄIT DÈI 10EURO.

DATUM & ËNNERSCHRËFT:



LÉIWEFEST'18_Menü

fir Jiddereen...

CIRCUS



BLOË BEIM LÉIW

14.Juli
2018

START
18:30



BUFFET- Bitte: Treten Sie ein, Treten Sie ein...

FAJITAS- Meat (M1) or Veggie (M2)

RAINBOW - Cake Surprise

Unmellen & Iwwerweisen (20 Euro/Menü) bis den 1.Juli 2018
Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE LU83 0019 4955 9103 3000)
mat der Mentioun: LP18 + FamilienNumm'

RDV fir d'Kanner ass den 14.07.18 um 16Auer beim Home LBB fir ze prouwen...
OPGEPASST!!! >>> All Kand daat um LF18 deelhëllt muss och op der Souche mam Menu afdroën
sinn an lessent bestallt hun.

Heimat mellen ech _____
fir d'Léiwefest'18 den 14.07.2018 un.

mäin BV/LX/SG/EX _____
Ennerschrëft: _____

Heimat mellen ech _____ fir d'Léiwefest'18 _____ Lèit un, an huelen
folgend Menü'er: _____ x Menu 1 (Apéro/Gedrénks-Entrée-Meat Version-Dessert) 20 Euro
_____ x Menu 2 (Apéro/Gedrénks-Entrée-Veggie Version-Dessert) 20 Euro

Datum & Ennerschrëft: _____

SAIL '18 Summercamp fir SG,EX,RO...



Sail'18



An 3 Mèint geet ét endlech lass, an DU gass mat dobai :

E gudden MIX vun 70 grouss/klengen Scouten & folgend LBB's sinn: Lea, Patrick, Lio, Danie, Moreno, Michel, Liana, Thibault, Tasha, Daniel, Clarisse, Julie, Pit, Hawky, Justin, Keeo, Baloo, Felix, Bagheera, Kaa, Spitzki, Raschka, Ketty, Charel, Aleksis, Max, Grizzly, Maki, Inia, Atra & Tamia mat um Boot: :) :) :)



Weini?

Freides 20.07.2018 - Sonndes 29.07.2018

Start & Retour?

zu Mamer am Kinnèksbond > 42, Rte d'Arlon L-8210Mamer
FR 20.07.18 > RV moies um 11Auer **mat PicNic fir am Bus**
SO 29.07.18 > RV owes +/- 19Auer

Präiss?

500€ > am Präiss ass 1 Camp T-shirt, Foulard&Badge

Paiements?

AC 1+2 = 200+200€ > bis den 24/10 & 31/01/18

Acompte 3 = 100€ bis 30/04/2018
op den Compte: Les Lions Bleus-Rover
(BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000)

BaachAktion?

MERCI nach emol fir är Ënnerstëtz-andeems der eis lecker KICHELCHER kaaf haat:)

Camp T-shirt?

D'Souche schnellstmèiglechst bis Enn Abrëll beim Atra/Tamia oofzeginn.

Mapp vun der Elterenversammlung?

Dës ass komplett oofzeginn bis allerspèidstens den **7/07/2018** beim Atra/Tamia !!!

COMMANDÉ T-Shirt's:

Ech bestellen gären heimat:

GRATJS Camp T-shirt **Supplément T-shirt** (zu méngen Laaschten)

S ____ x

S ____ x

MODELL

M ____ x

M ____ x

Dames

L ____ x

L ____ x

Hommes

XL ____ x

XL ____ x



Ënnerschrëft:

Programm Beaver

BV - Programm

Abrëll

07.+14.	keng Versammlung (Vakanz)	
21.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
28.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

Mee

05.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
12.	FNEL Beaver-Funday	
19.+26.	keng Versammlung (Vakanz)	

Juni

02.	SORTIE	
09.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
16.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
22.	FAACKELZUCH & GrillStand LBB	
30.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

Juli

08.	POW-WOW zu Stroossen
14.	LÉIWEFEST

Summervakanz vum 14.07.-18.09.2018 :)



Beaverklack


Spitzky, Hawky, Keeo, TicTac, Inia, Quagga, GriGri, Foxi

Programm Wöllef

LX - Programm


ABRËLL

- | | |
|---------|---------------------------|
| 07. | SORTIE „Misärshaff“ |
| 14. | keng Versammlung (Vakanz) |
| 21.-22. | FNEL SIXPLO |
| 28. | Versammlung 14:00-16:00 |



MEE

- | | |
|---------|---------------------------|
| 05. | SORTIE „Päiperlècksgaart“ |
| 12. | Versammlung 14:00-16:00 |
| 19.-22. | PËNGSCHTCAMP |
| 26. | keng Versammlung (Vakanz) |



JUNI

- | | |
|-----|-----------------------------|
| 02. | Versammlung 14:00-16:00 |
| 09. | Versammlung 14:00-16:00 |
| 16. | SORTIE „Fest vun der Natur“ |
| 22. | FAACKELZUCH |
| 23. | keng Versammlung |
| 30. | Versammlung 14:00-16:00 |



JULI

- | | |
|-----|------------------|
| 07. | keng Versammlung |
| 08. | POW-WOW |
| 14. | LÉIWEFEST |

SUMMERVERAKANZ >>> 14.07.-16.09.2018



Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

Programm Scouting SG - Programm



ABRËLL

- | | | |
|---------|---------------------------|-----------------------------|
| 07. | keng Versammlung (Vakanz) | |
| 13.-15. | OUSCHTERCAMP | |
| 18. | Elterenversammlung SAIL | 19:00 am Home Mamer Wiselen |
| 21.-22. | PATRULLEN-WEEKEND | |
| 28. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |

MEE

- | | | |
|---------|--|-------------|
| 05. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 12. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| | resp.PATRULLEN-SORTIE (Patrull Michel) | |
| 19.+26. | keng Versammlungen (Vakanz) | |
| 19.-22. | GRUPPEN PËNGSCHTCAMP | |

JUNI

- | | | |
|---------|---------------------------------|-------------|
| 02. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 02.-03. | FNEL Cp's WEEKEND (j.fir Cp'en) | |
| 09.-10. | SG-WEEKEND | |
| 16. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND | |
| 23. | keng Versammlung | |
| 30. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

JULI

- | | | |
|---------|-------------------------------------|--|
| 08. | POW-WOW zu Stroossen bei den KS | |
| 14. | LÉIWEFEST | |
| 20.-29. | SAIL zesummen mat den Mamer Wiselen | |



SUMMERVERAKANZ vum 14.07-16.09.2018



Tamia / Alekxis / Ketty & Charel
Lenks Patt

Programm RovEx RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche vir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d'Meiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vu Leit ze maachen. All Member am Alter vun 16-26 Joér ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass et, nei Fréndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entspricht an de Scoutsgeecht baibehällt an verdéiwt.

Méi Informatiounen bei dengen RovEx Cheffen...

ABRËLL:

- 18. Elterenversammlung fir den Sail'18 > RV 19Auer Home MW
- 21.-22. Schaff-Weekend
- 28.-29. Rover-Weekend

MEE:

- 04.-05. FNEL EX-Raid
- 04.-06. FNEL RO-Camp fir 100Joér um Cents
- 19.-22. PëngschtCamp
- 26. RovEx - SORTIE (MAX Formation)

JUNI:

- 02. RovEx - Meeting (MAX Formation)
- 22. Faakelzuch & Grillstand LB

JULI:

- 08.07 Pow-Wow zu Stroossen
- 14.07 Léiwefest
- 20.-29. SummerCamp > SAIL

More to come...

Lenks TAP,
Aer RovEx Cheffen



RAPPORT Sortie „Vitarium“

Meute

Samstes den 10. Februar hun mir eis um véirel fiir 10 zu Biissen beim Vitarium getraff.

Zu gemittlecher 6 Wöllefcher sinn mer dunn erangaangen an hun ons Sortie mat enger Visite vum Fabrikgebai ungefaangen. Do hu mir zum Beispill geléiert waat“ UHT‘ heecht, wéi Kachkéis produzéiert gëtt, an dat am Joghurt Bakterien dran sinn. No der Visite, kruuten mir eng Gratis Stärkung an Form vun engem Milkshake oder Joghurt.

Mee domat wor ét nach nüt gedoen, well am Vitarium gëtt ét och nach eng Hellenwull un interaktiven Spiller déi ét auszeprobéieren gëllt. Ënnert aanerem konnten mir zum Beispill testen, wéi schwéier eng Kou mat hierem Auder ze schleefen huet virun an noom straichen, probéieren esou schnell ze laafen wéi eng Kou, natierlech och eng Kou straichen, kleng Filmer kucken oder «Telefonater féieren » an esou virun.

Tëschent deem ganzen Gespills hun mir natierlech och eng kéier onsen Picknick gieß.

Dunn hun mer den Bus geholl fir zerèck op d'Gare, vun wou aus mer dann zu Fouss bis bei eisenHome getréppelt sinn. Um 16:00 sinn d'Elteren dun komm.



RAPPORT Versammlung Beaver/Meute

Wir sollten den Beaver den Weg zeigen. Aber Wie ?

Wir suchten im Vademecum nach verschiedenen Signes de Pistes. Zum Beispiel,

→ Es geht hier lang

✗ Da dürft ihr nicht hin



Endlich kamen wir an. Wir versteckten einen Schatz und die Beaver sollten ihn suchen. Im Schatz waren Schokoladenriegel. Jeder bekam einen. Dann gingen wir auf den Weg zurück.
Was für ein schöner Tag ! (Thomas)



RAPPORT Techuana

Groupe


Freides, Samstes & Sonndes

Wir trafen uns um 18:30 beim Home um das restliche Gepäck wie z.B. Ski und Helme in den Anhänger zu packen. Währenddem wurde noch gekocht und Dinge wie z.B. 'Chargentableau' gemacht. Als die Arbeit fertig war aßen wir einen guten Spätzle/Nudelauflauf, bei dem natürlich die Hälfte übrig blieb, weil zu viel gekocht wurde. Dann saßen wir noch ein bisschen zusammen, redeten und spielten mit den Karten. Jedoch schauten wir früh ins Bett zu gehen, weil am nächsten Tag der Wecker für 5 Uhr gestellt war. Am Samstag Morgen wurden dann nur noch die kleinen Rucksäcke in den Autos verstaut und dann konnte die Reise starten. Die ersten paar Stunden schliefen die meisten, bis auf die Fahrer im besten Falle. Gegen 10Uhr machten wir die erste Pause (eigentlich die zweite :) um das Morgenessen geniessen zu können. Wir aßen Hörnchen (oder auch Croissants) und Schokorollen. Dazu gab es noch Kaffee, Schokomilch und O-Saft um alles herunter zu spülen. Dann ging die Fahrt weiter und nun, da ja keiner mehr schlief, mussten wir uns mit Kartenspielen und Musik hören beschäftigen... Das Mittagessen haben wir an einem schönen See gemacht. Das Essen bestand aus Broten auf die wir Aufstriche, Schinken, Käse taten und wir wussten auch, dass dieses Essen uns über die nächsten paar Mittagessen verfolgen würde. Nach dem Mittagessen gerieten wir in einen kleinen Stau und obwohl der GPS uns sagte dass wir erst um 21.30 ankommen würden, erreichten wir das Ziel um 19:30. Nachdem Alles ausgeladen und eingeräumt war, wurde schnell noch das Abendessen gekocht, das aus Spaghetti und Bolognese bestand. Dann machten wir noch die Chargen alle zusammen und gingen direkt danach schlafen.

Am Sonntag konnten wir ausschlafen so wie es sich Sonntag gehört. Um 8Uhr sind wir aber dann langsam aufgestanden um zu Morgen zu Essen. Nach den Chargen, die jetzt in den Patrullen gemacht wurden, konnte der Tag beginnen. Auf dem Programm stand Holzhacken, Schlauch legen und Schnee schaufeln an den wichtigen Stellen wo wir oft hin- und herlaufen mussten, haben Max, Harry und ich den Schnee weggeschaufelt. Anschließend gingen wir das Holz hacken. Währenddessen hat Ketty & Liana unter dem Kommando von Aleksi den Schlauch von der Quelle des Flusses bis in die Küche des Hauses geleitet, um fließendes Wasser zu haben. Zu Mittag aßen wir Kartoffelsalat mit Würstchen und dann machten wir uns auf den Weg zu unserem Sonntagsmarsch. Dieses Jahr sollte es auf die 'Villacher Alpe' gehen wo wir eine atemberaubende Aussicht genießen konnten mit Sonnenuntergang und schlussendlich den Ausflug mit einer kleinen Schlittenfahrt abschließen konnten. Zurück in Techuana angekommen wurde eine Erbsensuppe mit Mettwurst gekocht und gegessen und anschließend die Chargen erledigt. Nach der Arbeit spielten wir noch Jungle-Speed bis jeder müde wurde und schlafen gingen. **CHAREL**

Mèindes

Moies ass ét fréi schon lass gaangen, um 7Auer sinn mir opgestaanen an um halwer 8 wor Carré. Befirr ét fir dèi alleréischten këier fir Techuana op d'Pist gaangen ass, gouf ét awer nach een gudd Moiesiessen. Dono sinn sèier d'Chargen gemaach ginn an dann ass ét op den Wee op Gerlitzen op 'Glatze Kärtents' gaangen. Do sinn mir leider erëischt gëint 11 Auer



RAPPORT Techuana

Groupe

unkomm, well mir een Œmwee hun missen fueren well op der Autobunn RambaZamba mat den Autoen wor an séch een dècken Stau gebild haat (ganz Kärnten wor iwwer Nuecht vum Schnéi iwwerrascht ginn). Zu Gerlitzen selwer war d'Wieder och nüt esou immens, ét wor Niwwel an d'Sonn huet een den ganzen Daag nüt gesinn. Um halwer 2 hun mir eis getraff bei den Autoen fir Mëtteg ze maan. Dono ass ét nees sèier op Piste gaangen an mir sinn bis 16:30Auer do bliwwen. Leider wor ét mëttes nüt besser an mer hun eis op Piscinn & Sauna gefreet. Sou hun mer sèier alles angepaack an op den Wee gemaach an hun dann do och gudd konnten entspannen. Wou mir dono rëm zerëck an Techuana gefuer sinn, huet do schon een gudden Pulled Pork mat Gromper, sauer Rahm an Zalot op eis gewaard deen eis lèif Kachekippe gemaach huet an super geschmaach huet (Merci och nach emol Anne, du wees firwaat) Owes sinn mir dunn alleguer doud midd an Bett gefall. **KETTY**

Dënschdes

Wir sind am Dienstag morgen früh gegen 7 Uhr aufgestanden. Nachdem wir uns alle anpassend angezogen hatten sind wir einem nach dem anderen müde Richtung Gemeinschaftsraum gegangen. Innerhalb von einigen Minuten waren die Tische gedeckt und der Ofen hitzte den Raum prächtig. Eine halbe Stunde nach dem Aufstehen also 7h30 standen wir alle in unserem 'Toblerone' (eng Aart Carré) und zogen den Fendel hoch und dieser wehte dann im Wind. Zum Frühstück gab es wie üblich Brötchen mit Marmelade und einiges süßes, daneben konnte man sich noch Müsli nehmen und Landliebe. Nach dem Essen und Spülen sind wir alle munter in unsere Fahrzeuge gestiegen. Nach ungefähr 1 Stunde Fahrt sind wir endlich im Innerkrems-Skigebiet angekommen. Wir zogen unsere Schuhe an und nahmen unser Material, danach teilten wir uns in zwei Gruppen ein. Heute wars eine mit den 'älteren Mitgliedern' und eine mit den 'Jünglingen'. So sind wir dann bis Mittags gefahren. Mittags gab es wie immer selbstgemachte Sandwiches und heißen Tee. Als Dessert bekam noch jeder einen Knoppers zur Stärkung. Nachmittags sind wir weiter in den vorherigen Gruppen gefahren ausser Max und Charel, diese sind mit der anderen Gruppe gefahren. Wir gaben uns um 16Uhr eine Zeit an, an der wir uns in einer Hütte trafen um zusammen etwas zu trinken. Nachdem wir eine heiße Schokolade und Kaiserschmarrn verputzt hatten, fuhren wir weiter bis zu unseren Autos um anschließend nach Techuana zurück zu fahren. Dort erwarteten uns die Kochmannschaft und hatte uns 'Zürcher Geschnetzeltes und Gromperenkichelcher (Rösti)' vorbereitet. Das Essen war köstlich und fix wurde gespült, denn danach war Freizeit angesagt. Die einen spielten noch einige Runden 'Jenga' und danach Tabu oder unterhielten sich während andere schon schliefen gingen. **HARRY**

Mëttwochs

Moies sinn mir dann ewèi èmmer um 7:00 Auer opgestaan an hun eis dann direkt fir op d'Skipist prett gemaach. Duerno sinn mir an den Carré gelaaf an kruutenn dann gesoot dass mir haut zu St.Oswald fueren gëingen. Nom Carré hun mir eisen Kaffi gedronk, eis Schmieren giess an d'Chargen gemaach. Mir hun eis dann op den Wee fir op St.Oswald gemaach, eng Plaatz wou mir schong laang nemèi hin waren. D'Pisten zu St.Oswald waren ganz flott an immens grouss an laang. Mir haaten dann gëint 13:00 Auer



RAPPORT Techuana

Groupe

wèi èmmer op dem Parking eisen Pik-Nik. Zu St.Oswald gouf ét deen Daag ganz schèin Sonn. Nodeems mir eisen leckeren Pik-Nik giess hun, sinn mir dann nees op d'Pist gaangen. Mir hun eis dann all um 16:15Auer op enger klenger Hütt getraff an hun eppes klenges gedronk. Duerno sinn mir erém an d'Autoen geklommen fir dann zu Bad-Kleinkirchheim an d'Schwemm ze goën. D'Schemm war flott an d'Sauna ganz entspannend. No der Schwemm an der Sauna sinn mir dann gemiddlech an den Autoen geklommen fir zerèck op Techuana ze fueren, wou mir dann Mielkniddelen mat Speckgréiwen an Zalot giess hun. Mir hun dann dono eis Chargen gemaach an duerno Spiller gespillt oder eis einfach ènnerhaal. An no deem flotten Daag sinn mir dann endlech schloofen gaangen.

Donneschdes

Moies sinn mir opgestaanen an hun eis fir den Daag op der Pist prett gemaach. Am Carré kruuten mir dann matgedeelt dass mir op d'Turracherhöhe fueren ginn. Dunn hun mir eisen Frühstück giess an den Kaffi gedronk. Eis Chargen hun mir duerno schnell gemaach an voller Opreegung an d'Autoen geklommen fir op d'Turracher-Höhe. Mir sinn unkomm an sinn begeeschert bis op d'Pist getrëppelt. Mir sinn dann an eisen Gruppen zesummen gefuer, bis mir geint 13:00Auer op dem Parking eisen Rendez-Vous haaten fir eisen gudden Pik-Nik z'iessen. Op der Turracher war wonnerschèin d'Wieder. No eisem Pik-Nik sinn mir dann erém nees op d'Pist getrëppelt fir dann ze fueren. Mir hun eis dann all erém um 16:15Auer op enger Hütt getraff fir eppes klenges regionales z'iessen an eppes ze drénken. Mir sinn dann gemiddlech rëm zerèck op den Parking gefuer, hun alles angepaack an hun eis färdeg gemaach fir dann zerèck op Techuana firdèi lecker Fondué z'iessen. Nodeems dat mir d'Kéisfondue giess haaten, hun mir dann selbstverständlich d'Chargen gemaach an eis mat Spiller an Geschwätz amusèiert. An zum Schluss hunn mir eis dann fir an d'Bett gefreet. **LIANA**

Freides, Samstes & Sonndes

Freidesmoies sinn mer ewèi all Daag um 7Auer opgestaanen, hun eis färdeg gemaach fir um 7h30 Auer am Carré ze stoën. Eisen letzten Daag an den Bierger stoung haut um Programm waat mer och verzielt kruuten, ausserdem goufen mer gewuer dat ét haut op den DreiländerEck geet. Sou hun mer eis nüt laang dobaussen opgehaalen, hun den Fändel eropgezunn an nom rompé sinn mer un den Kaffisdësch geditzt fir eis ze stärken. Dono konnt ét och schon lass goën, alles gouf gelueden, e RV mat der Kachekipp gouf ausgemaach an schons worn mer ènnerwee Richtung Arnoldstein. Do ukomm, gouf alles ausgelueden, ugedoën an dun hun mer eis op de Bierg gemaach. Moies sinn mer èischter All zesummen bliwwen well die meescht daat Gebitt nach nüt kannt haaten. Den Moien wor och sèier èm an schons sinn mir bei den Lift gefuer, wou mer wèi schon gesoot RV haaten mer eiser Kachekipp, dèi och dèi schèin Vue & d'Wieder genèissen wollten an sou bei eis op den Bierg eropkoumen fir emol mat eis zesummen zu Mëttag z'iessen. Nom lessen sinn nach puer GruppenPhotos gemaach ginn, d'Kachekipp huet d'Landschaft genoss an huet deelweis hier Féiss an Slowenien gestach (gell Alekxis). Dono sinn Sie mam Lift eroof gefuer an Richtung ShoppingMall, mir awer hun dèi letzten Stonnen um Bierg genoss,



RAPPORT Techuana

Groupe

ier mer dann eng letzten këier eroofgefuer sinn, eis deen letzten Abfahrtsgèigenwand erangezunn hun fir dann alles auszedoën, ze verstauen an Richtung Schwämm ze fueren. Do hun mer saunèiert an sinn geschwommen/gerutscht, an no der Erhuelung ass ét nees an Techuana gaangen wou ab elo den Stress ustoung. Virum Oweslessen gouf deen grësstens Deel un Material verpaack, dann gouf ét eng kleng Stärkung an no dem Gespulls an co ass dun alles définitiv gepaack & verlueden ginn. Wou den Unhänger zugespaart wor sinn dèi meescht just nach an Bett gefall an hun nach puer Stonnen geschloof.

Samstes an aller fréi sinn mer dun opgestaanen, hun eis Penntuut & co schnell angepaack an am Auto verstaut, hun nach emol duerch den Home gewedelt an zugespaart. Nodeems mer Techuana EDDI gesoot haaten, hun mer eis awer och nach vum Maki verabsschied, dësen ass weidergefuer (aar-bëschtechnësch) op Kitzbühl, den Fändel eng letzten këier eroofgezunn an schon worn mer ënnertwee Richtung Lëtzebuerg. Eng laang Streck loung virun eis, mee mir hun eis nüt hetzen gelooss, ganz chill sinn mer regelmësse ausgefuer fir ze pauséieren, Pippipaus ze maan, Chaufferen ze wiesselen, Kaffi ze drënken, zu Mëtteg ze iessen an schon worn mer zu Bouneweg ukomm. Schnell der Mutti ugeruff fir bescheed ze soën dat alles gudd gelaaf ass an dann gouf nees alles ausgelueden, gebotzt an verstaut. Paralell hun mer eis Pizza bestallt fir den Owend ouni Stress, gemiddlech ausklängen ze loassen. No der Pizza (an mir hun keng Chargen missen maan, yuppi) hun mer nach iwwer eis Erliewnisser geschwaat an den owend ausklängen gelooss. Irgendwann huet Jiddereen gerongt, geschnaarscht & gepennt:)

Sonndes sinn mer bëssi mèi spèit ewèi dèi ganz Woch opgestaanen, hun zesummen Kaffi gedronk an eis paralell opgedeelt mat all deem waat nach opstoung. Dèi eng hun d'Autoen gebotzt, Material gebotzt/eweichgeraumt an den Home gebotzt...Kuerz virun 11 Auer haaten mer dun och alles gerockt, hun e Carré gemaach wou Kichendicher, Objets trouvées, lessensrechter & co verdeelt goufen. Lo wor ét leider eriwwer, eng super Ekipp, nees e flott Erliehnis fir kleng & grouss an zu gudder Enn nach eng Châine des adieux. Jiddereen ass lo heem gefuer fir mat der Famill zu Mëtteg ziessen an nach bëssi vum Sonndeg ze profitéieren. Soën just > à refaire > Next year & same team and place :) **TAMIA**

Kichen Equipe on Tour_15.02.2018 Wéinst méngem verstauchtem Fouss konnt ech leider nüt wéi gewinnt als Piste-Raudi matgoën dës Joér matfueren an Techuana, mee hun eis Kichenequipe dëst Joér vervollstännegt. Fir den Donneschden vun der Woch haaten mer zesummen mam Maki & Manul entscheid op daat 140 Kilometer entfernt Udine an Italien ze fueren. Nodeems mer den Fändel erop gezunn, moies giess haaten an d'Piste-Raudien ewech waren, hun mir nach kuerz d'Rou genoss an eis op den Wee Richtung Udine gemaach. Eng Stonn 40 hun mer gebraucht fir bis op Udine ze kommen, eis duerch den italienëschen Trafic bis an den Parking ze kämpfen. Den Parking wor mëtten an der Staad an mir sinn vum Parking aus direkt den Bierg erop bei d'Schlass vun Udine getréppelt. Vun do aus haaten mer eng ganz schéin Vue op Udine an séng Aal Haiser an enk Gaassen. Doropshin sinn mer nach duerch déi enk Stroossen vun Udine geschlendert bis mer op déi grouss Piazza vun Udine komm sinn. D'Sonn huet geschéngt an d'Léit hun op den Terrasse'n zu Mëtteg giess. Den Honger war do an mir hun eis och op eng Terrass gesaat an hun lecker Italienësch am Sonnenschäin zu Mëtteg giess. Nom lessen wollten mir nach onbedéngt den Moderne Konscht Musée an der Aalstaat besichen goën. Den Maki haat eis hei eng super Visite guidée gehaalen an hun all déi schéi Modern Italienësch Konschtwierker genoss. Als gudder lescht missten mir natirlech eis nach eng gudd italienësch Gelato gönnen, an hun eis Glacen um Wee zeréck bei den Parking genoss. Den Wee zeréck wor wonnerschéin. D'Autobunn Richtung Éisträich ass duerch d'Bierger gaangen an mir hun déi atemberaubend Vuë'n genoss. **ALEKSIS**



Dem LEO LEIWF séng Säit


Leo Léiw

Moien dir Blo Léiwen!



Hoffen dir haat vill Spaass mat mèngen Saachen aus der letzter Wandrous an dat Fuesvakanz nüt ze langweileg wor, mee bei deem Schnèi haat dir sècher genuch Beschäftegung...Dofir dann hei Neies...wënschen vill Spaass lerch ALL...



e klenkt MOOL-Bild



Versich 7 FEHLER ze fannen!



Gustafsson



Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

Starter-Pack_Lions Bleus

De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs fir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! Daat Ganzt an enger spezieller Offer fénns du elo némmen an dèngem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover




Eenzelpräiss

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelpräiss

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelpräiss

16 €



LBB-Kaap/Mutz




Eenzelpräiss

12 €

TOTAL

~~65 €~~

55 €



Aaner Produkt'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	11 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €

an nach VILLES mèi !!!

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **21/04/18, 12/05/18, 16/06/18...**

Lions Bleus NEWS


Lions Bleus News



POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart schècken?

Dann zèck nüt laang an schèck së op:
Les Lions Bleus BP 23 L-5801 Hesperange
Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der nächster Wandrous publiziéieren.
Also e Grond mèi > fir eng Vakanz :):)



WOSM & fnel NEWS WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass émmer
Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanznen!!!

ALLGEMENG Datumer:

07-10/04/2018 Cp's FormationsCamp	09/05/2018	MW/PI NuetsRallye ,LOST'
21-22/04/2018 NaturGames um MH	12/05/2018	BV Funday
21-22/04/2018 LX Sixplo	12-15/05/2018	DD SchnëtzWeekend
21-22/04/2018 Bosses et Bobos (3/3)	13/05/2018	MaykaDifferenceDay um Cents
25/04/2018 CoGro	02-03/06/2018	Cp's Weekend
26/04/2018 FC Sécurité alimentaire...	09/06/2018	SWR Rallye gourmand
27-29/04/2018 Masterclass	16-17/06/2018	WE Solar um MH
04-05/05/2018 Explorer-Raid	27/06/2018	ScoutsWuppeFest
04-06/05/2018 Rover 100Joër Camp	30/06/2018	Scoutshop SA op vun 10-12Auer

et schéngt

et schéngt

- 01) dat Lëtzebuerger punkto Jamboree'19 liicht Problemer hun all Participants mat an Amerika ze krèien.
- 02) wèi wann eisen Max sain Handwerkertalent énner Bewis stellen wollt daat awer nüt esou gelongen wor.
- 03) wèi wann op der Sortie am Vitarium sou munch komesch Froën gestallt goufen vun eisen Wellefcher.
- 04) wèi wann Beaver emol Samstes hier Versammlung am Thema vun den Hausdèieren opgebaut haaten.
- 05) wèi wann an Zukunft an Techuana nees mèi Holz gemaach muss ginn fir ze eben 2 Holziewn ze hétzen.
- 06) wèi wann TechuanaKachEkipp dës Joér tatkräfteg Ënnerstëtzung kruut, dèi sèch fir nix ze schued wor.
- 07) dat all Joér an Techuana nees en Challenge op eis waart an wahrscheinlech nie Routine wärt anschloën.
- 08) dat no engem TächtelMächtel téscht enger LX-Cheffin an engem SG-Chef den nächsten Schrëtt usteet.
- 09) wèi wann Sie zwee nüt dèi zwee eenzeg sinn, dèi nach dës Joér énnert Hauw wärten kommen.
- 10) dat um Misärshaff d'Laurence (waat lo laang Joren do wor) d'Gestion vum Haff nüt mèi maachen kann.
- 11) wèi wann bei eis am Grupp fläisseg drun geschafft gët eis Saachen mam neien Logo&Co émzegestalten.
- 12) wèi wann d'Stroossener Kiewerlècken fir hieren 40sten Gebuertsdaag den Pow-Wow wärten ausriichten.
- 13) dat eis dësjähreg BaackSortie & Aktion nees e vollen Erfolleg wor an Kichelcher geschmaacht hun.
- 14) wèi wann vun der FNEL den Commissaire au programme & Adjointe eisen Grupp emol besicht haaten.
- 15) dat ét leider schwierig wor eis Kanner, egal op BV/LX/SG fir eis OuschterAktivitéiten ze begeeschteren.
- 16) wèi wann um letzten Schaffweekend trotz mangelnder Präsenz ganz wichteg Saachen réaliséiert goufen.
- 17) dat Spréchwuert nüt wäit hiergeholl ass, wou geschafft gët faale Spéin an mol eppes op der Streck bleiwt.
- 18) dat eisen GrizzlyBier an nüt mol mèi 4 Mëint an deen 2.Deel vum Liewen (laut him) iwwertrieden wärt.
- 19) dat den Schluss vum Scoutsjoërl (ouni dat mer eis oofgeschwaat haaten) am Thema Circus zu Enn geet.
- 20) ...

et schéngt nüt némmer

et schéngt nüt némmer

- 01) dat am Ganzen 160 Lëtz.matkennen, dofir eng Tombola lanciert gouf, nom Motto deen èischten ass fir.
- 02) dat him beim heimwerkeln d'Schrauf vun der Toilettendier perfekt an den Oofloss gefall wier.
- 03) dat eng Fro gestallt gouf iwwer dèi vill ausgestallten Holzschong: Hun dèi Lèit hier Schung all verluer? :
- 04) dat Kanner dem Tic-Tac baal alles gleewen, hien de Kanner verklickert haat hien hätt e Suelo doheem.
- 05) dat mir dat dës Joér fantastesch hinkruuten mam hétzen, just d'stengen Plack daat nüt verdroën huet 9
- 06) dat Sie awer och na genuch aanere Programm haaten wèi Schnéihotel bauen, Visite op Udine(l), an ...
- 07) wèi wann dës Jor an der Camionette zimlech oft dèi Aussoe: Leed mol d'Handbremse Jongen gefall wier.
- 08) wèi wann zwee ancien LB-Cheffen, Anne & Lionel sèch nach an dësem Joér d'JO-Wuert wärten ginn.
- 09) wèi wa Mir dem Kréckel Nékkel och all Guddes wénschen op sèngem Wee mat sènger zukünfteger Fra.
- 10) wèi wann d'FNEL elo een neien Portier sicht, resp. een Volontaire fir SummerVakanz-Avis aux amateurs.
- 11) dat DIR schon an der nächster Wandrous HOT-NEWS wärt gewuer ginn waat sèch alles ännert/Nei ass.
- 12) dat Sie eis op een riesegen KiermesDaag invitèieren op deem mer an eng total-verrèckten Welt faalen.
- 13) wèi wann d'Participant MERCI soën fir är Ënnerstëtzung an mer n.Joér Friteuse nees unschmaissen.
- 14) dat Sie an de CoGra koumen fir zesummen mat eis auszetauschen&nozefroën wou eis Interessen leien.
- 15) wèi wann Villes geplant an laang annoncier wou awer leider Gottes nüt vill Undrang wor 9
- 16) dat Kichen am Fong gebotzt gouf an mat neien Déppen opgerüst gouf, Aussebelichtung installiert gouf.
- 17) wèi wann eisen Mèihtrakter drun huet missen gleewen an um SchaffWeekend de Geescht opginn huet.
- 18) wèi wann hien jo na bëssi Zäit huet fir sèch drop fir ze bereeden an mir daat sècherlech mat him feieren.
- 19) wèi wann do wuel ganz vill Spaass op d'Kanner wärt waarden, egal op P-Camp, Pow-Wow, Léiwefest.

les amis des Lions Bleus

amis LBB

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyne/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeyer Berthe, M.Grin Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, M.Silvoso Vizcaya Manuel, Thibo Charles, Famille Reiners, MM Jung Thomas, Fam.Zimmer, ...



3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

abrëll'18		mee'18		juni'18	
So 1		Dé 1		Fr 1	
Me 2		Më 2		Sa 2	Wöllef/Trupp BV Sortie / FNEL CP-Weekend
Dé 3		Do 3		Sa 3	FNEL CP-Weekend
Më 4		Fr 4	FNEL EX-Raid	Me 4	
Do 5		Sa 5	Beaver/Trupp LX Sortie / FNEL EX-Raid	Dé 5	
Fr 6		Sa 6		Më 6	
Sa 7	LX Sortie	Me 7		Do 7	
So 8		Dé 8		Fr 8	
Me 9		Më 9	COGRA	Sa 9	Beaver/Wöllef SG Weekend
Dé 10		Do 10		Sa 10	SG Weekend
Më 11		Fr 11		Me 11	
Do 12		Sa 12	Wöllef/Patrull P-Sortie / FNEL BV-Funday	Dé 12	
Fr 13	SG Camp	Sa 13		Më 13	COGRA
Sa 14	SG Camp	Me 14		Do 14	Comité
So 15	SG Camp	Dé 15		Fr 15	
Me 16		Më 16		Sa 16	Beaver/Patrull LX Sortie
Dé 17		Do 17	Comité	Sa 17	
Më 18	E-Versammlung fir de SAIL 19Auer Home Mamer Wiselen	Fr 18	Wandrouseinsendeschluss	Me 18	
Do 19	Comité	Sa 19	Pëngshtcamp	Dé 19	
Fr 20		So 20	Pëngshtcamp	Më 20	
Sa 21	Beaver/Patrull & P-WE FNEL LX Sixplo / NG MH	Me 21	Pëngshtcamp	Do 21	
So 22	Patrullen-WE / FNEL LX Sixplo NaturGames (MH)	Dé 22	Pëngshtcamp	Fr 22	Faackelzuch an der Staat & LBB Grillstand
Me 23		Më 23		Sa 23	keng Versammlung
Dé 24		Do 24		So 24	
Më 25	COGRA	Fr 25	Wandrousredaktionsschluss	Me 25	
Do 26		Sa 26	RovEx-Sortie	Dé 26	
Fr 27		So 27		Më 27	
Sa 28	Beaver/Wöllef/Patrull LBB RO-Weekend	Me 28		Do 28	
So 29	LBB RO-Weekend	Dé 29		Fr 29	
Me 30		Më 30		Sa 30	Beaver/Wöllef/Trupp
		Do 31			

Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu



* THAT'S ALL FOLKS